Rédaction Jeanne Adam Photos Raymond Faber

DE Der DTV-Kehlen hat vor allem ein Ziel: Freude an gemeinsamer Bewegung vermitteln. 1988 als „Dammen-Turnveräin“ gegründet, dann zu einem dynamischen „Danz-an Turnveräin“ weiterentwickelt, bietet der Verein heute Kurse in Gymnastik, Zumba und Pilates für Erwachsene und Jugendliche ab 15 Jahren an.

VOM „DAMMEN-TURNVERÄIN“ ZUM „DANZ- AN TURNVERÄIN“

Seit seiner Gründung 1988 organisierte der DTV-Kielen viele verschiedene Aktivitäten: Gymnastik, Skigymnastik, Aerobic, Jazz-Dance für Kinder (mit Gala-Vorführung am Ende des Schuljahres), Zumba, Pilates... Als das Angebot um Jazz-Dance und später Zumba erweitert wurde, passte der Verein auch seinen Namen an: DTV steht heute für „Danz- an Turnveräin“. Damit ist auch klar, dass das Angebot sich nicht ausschließlich an das weibliche Geschlecht richtet.

EIN VIELFÄLTIGES BEWEGUNGSANGEBOT

Für die fünf Kurse der aktuellen Saison waren insgesamt etwa 140 Leute eingeschrieben. Da manche mehr als einen Kurs belegen, beläuft sich die Zahl der Mitglieder auf etwa 110 Personen. Wer in der nächsten Saison dabei sein möchte, meldet sich am besten vor September an. Weitere Informationen zum Programm und zur Einschreibung für 2024/2025 findet man zum Beispiel hier im Kieleser Buett oder auch auf der Website dtvkielen.lu. Das Angebot ist voraussichtlich das gleiche wie in der aktuellen Saison. Interessierte können zweimal zum gratis Schnuppern kommen, dann ist der Beitrag für den jeweiligen Kurs zu überweisen.

FOLGENDE KURSE STANDEN AUF DEM PROGRAMM

- Montags von 18:30-19:30 Uhr: Body-Shape/Body-Core-Gymnastik und von 19:35-20:20 Uhr Pilates, jeweils in der Sportshalle in Kehlen.
- Donnerstags von 9:00-9.30 Uhr sanfte Gymnastik und von 9:30-10:30 Uhr Dance Fitness/Zumba Gold in der Salle polyvalente in Keispelt.
- Donnerstags von 19:00-20:00 Uhr Zumba Fitness im Centre Culturel in Nospelt.




Freude an gemeinsamer Bewegung verbindet die zahlreichen Mitglieder des DTV

VEREINSLEBEN IM DTV

Auch der soziale Aspekt kommt beim DTV Kielen nicht zu kurz: Nach dem letzten Kurs des Trimesters lädt der DTV die Mitglieder auf einen „Patt“ ein und bietet den Teilnehmenden die Möglichkeit zum Austausch sowie mit dem Komitee ins Gespräch zu kommen und Wünsche zu formulieren. Eine weitere Gelegenheit dafür ist die jährliche ordentliche Generalversammlung.

Zusätzlich gibt es jedes Jahr einen Wandertag, zu dem alle Mitglieder herzlich eingeladen sind und der mit einem Abendessen in gemütlicher Runde seinen Abschluss findet.

Die Mitglieder des Komitees freuen sich über das rege Interesse an ihren Aktivitäten: „Die Leute kommen gerne zu uns, die Gemeinde unterstützt uns prima!“ Nichtsdestotrotz sind engagierte Neuzugänge im Komitee natürlich jederzeit willkommen.





FR

Le DTV Kehlen poursuit essentiellement un objectif : transmettre la joie de bouger ensemble. Fondé en 1988 comme un club de gymnastique exclusivement réservé aux dames, il est devenu au fil du temps un club de danse et de gymnastique dynamique et propose aujourd'hui des cours de gymnastique, de zumba et de pilates pour jeunes à partir de 15 ans et pour adultes.

L'ÉVOLUTION DU CLUB DTV KEHLEN

Depuis sa création en 1988, le club DTV Kehlen a organisé beaucoup d'activités variées : gymnastique, gym de ski, aérobic, jazz-dance pour enfants (+ gala à la fin de l'année scolaire), zumba, pilates... Après avoir commencé à proposer de la jazz-dance et de la zumba, le club a changé de nom et s'appelle désormais : DTV (Danz- an Turnveräin), ce qui signifie club de danse et de gym. Ainsi, aujourd'hui le club n'accueille plus uniquement des filles et des femmes et son nom actuel reflète cette évolution.

Mitglieder / membres

etwa 110

Mitglied sind alle, die in einem Kurs eingeschrieben sind. (Beitrag zwischen 50€ und 120€ pro Schuljahr, Jugendliche im Alter von 15-17 Jahren zahlen die Hälfte)
Mitglieder im Komitee: 8, 4-6 Treffen im Jahr

environ 110

Les personnes inscrites à un cours sont membres. (Cotisation : entre 50 € et 120 € par année scolaire, les jeunes âgés de 15 à 17 ans paient la moitié)
Membres du comité : 8, 4-6 réunions par an

Kontakt / Contact

Nicole Slunecko

E-Mail: dtvkielen@gmail.com

Homepage: dtvkielen.lu

DES PROPOSITIONS VARIÉES POUR BOUGER

Au total, environ 140 personnes sont inscrites aux cours proposés cette saison. Comme certaines suivent plus d'un cours, le nombre de membres est d'environ 110 personnes. Les personnes qui souhaitent participer à la prochaine saison peuvent s'inscrire, de préférence, avant le mois de septembre. Vous trouverez plus d'informations sur le programme et les inscriptions pour la saison 2024/2025 dans le Buet de Kehlen et sur le site web dtvkielen.lu. La programmation sera probablement similaire à celle de cette saison-ci. Les personnes intéressées peuvent participer librement à deux cours, puis doivent s'acquitter de la cotisation si elles souhaitent poursuivre les cours.

VOICI LES COURS DE LA DERNIÈRE SAISON

- Les lundis, de 18h30 à 19h30 : Gym Body-Shape/Body-Core et de 19h35 à 20h20 Cours de pilates, au hall sportif de Kehlen
- Les jeudis, de 9h à 9h30 : gym douce et de 9h30 à 10h30 : danse fitness/ zumba gold dans la salle polyvalente à Keispelt.
- Les jeudis, de 19h-20h, zumba fitness au Centre culturel de Nospelt.

LA VIE ASSOCIATIVE AU SEIN DU DTV

Le club DTV cultive aussi la convivialité. Après le dernier cours du trimestre, le club invite tous les membres à un pot de l'amitié et offre ainsi aux participants la possibilité d'avoir des échanges, de parler avec le comité et d'exprimer des souhaits. L'assemblée générale ordinaire annuelle est une autre occasion pour se retrouver.

En plus, chaque année, une journée de randonnée est organisée. Tous les membres sont chaleureusement invités à participer à la randonnée, suivie d'un dîner en toute convivialité. Les activités suscitent un vif intérêt et les membres du comité s'en réjouissent. « Les gens aiment venir chez nous et la commune nous soutient beaucoup ! » Et le comité est ouvert à tout nouveau membre intéressé et engagé.



Et si la pompe à chaleur vous offrait ... une solution efficace et écologique pour chauffer votre logement.

Alors qu'aujourd'hui l'accent est mis sur les solutions durables, les pompes à chaleur prennent une place d'autant plus importante. Cette technologie éprouvée offre non seulement un moyen efficace de chauffer les bâtiments, mais se révèle également être une alternative prometteuse pour minimiser l'impact environnemental.

Les pompes à chaleur utilisent l'énergie thermique disponible dans l'environnement, que ce soit dans l'air ou le sol, pour produire de la chaleur. Pour mesurer cette efficacité, on se réfère au COP (coefficient de performance), qui exprime le rapport entre l'énergie thermique produite (kWh) et l'électricité nécessaire (kWh). On observe ainsi que par rapport aux systèmes de chauffage fossiles, les pompes à chaleur offrent un avantage considérable grâce à leur efficacité énergétique.

Préjugés contre les pompes à chaleur

Il existe encore de nombreux mythes sur les pompes à chaleur, comme par exemple : « les pompes à chaleur ne peuvent être utilisées dans les anciennes constructions ». Mais la pompe à chaleur est pourtant bien une option dans les bâtiments anciens, et cela également en utilisant les radiateurs existants. Seule leur efficacité est légèrement plus faible que dans les nouvelles constructions qui disposent d'un chauffage au sol.

Si vous envisagez d'installer une pompe à chaleur dans votre maison, Klima-Agence met à votre disposition une check-list afin de vous permettre d'avoir une vue d'ensemble lors de son installation. Dans cette liste établie par nos experts, vous trouverez les éléments auxquels vous devez prêter attention lors de l'installation et de l'utilisation d'un tel système : les possibilités de réglage de votre installation, les autorisations nécessaires, les contrôles à réaliser et les différents types de pompes à chaleur. Le document fournit également un petit glossaire qui explique les termes techniques que vous risquez de rencontrer. Profitez aussi du conseil Klima-Agence, si vous avez d'autres questions.

Retrouvez la check-list ici



CRÈCHES-FOYERS BARBARA

people&baby group

OUVERTURE
SEPTEMBRE 2024

Crèche Barbara
à Kehlen
3 mois à 4 ans

PLACES DISPONIBLES !

Plus d'infos &
pré-inscriptions ici



- Nouveaux locaux
- Pédagogie Reggio Emilia
- Multilinguisme
- Projet Art et Nature
- Très beaux aménagements



+352 26 12 36 45



crechebarbara.lu



1, Bei der Eech, L-8283 Kehlen

SCHOULSAK-AKTION 2024

1.-25.7.2024

Aarm Kanner an Ost-Europa brauchen 1 Schoulsak / Rucksak (a guddem Zoustand) mat Schoulmaterial fir an d'Schoul ze goen:

3 Hefter (normal Haisercher)	Lineal a Schéier	
(nei) Schachtel mat 4 Bläistëfter	Gummi	2 Bic'er
nei Stëfter an Holzfaarwen	Spëtzer	Molbuch

An och: Mutz, Schal, Händschen, waarm Strëmp, e Kuscheldéier, eng kleng Spillsaach, 1 Tut Kamellen an 1 Zännbiischt mat Zännseef.

Dir kënnt all Aarte vu Schoulmaterial op de Sammelplazen ofginn.

Dir hutt awer och d'Méiglechkeet fir Geld op de Sammelplazen ofzeginn oder ze iwerweise fir Schoulsäck vun eis fëllen ze loossen (50€ pro Schoulsak) oder een Don fir d'Transportkäschten ze maachen.

Ausserdeem sammele mir zu Ollem Kannerspillsaachen, Véloen, Babybettercher mat Matrass a Gedecks, komplett Kannerkutschen, Buggyen, Kannerkleeder a waarm Decken. Alles w.e.g an engem propperen a gudden Zoustand. Villmools Merci fir Äert Verständnis an Entgéintkommen.



Des enfants démunis en Europe de l'Est ont besoin d'un cartable / sac à dos en bon état, rempli de matériel scolaire, pour aller à l'école:

3 cahiers (carreaux normaux)	règle et ciseaux	
(nouvelle) trousse avec 4 crayons	gomme	2 bic's
nouveaux feutres et crayons couleurs	taille-crayon	cahier de coloriage

En plus: Bonnet, écharpe, gants, bas chauds, un nounours, un petit jouet, 1 sachet de bonbons, 1 brosse à dents avec du dentifrice.

Vous pouvez aussi remettre toutes sortes d'articles scolaires aux points de collecte.

Vous avez également la possibilité de donner de l'argent aux points de collecte, faire un virement pour remplir des cartables par nos soins (50€ par cartable) ou faire un don pour les frais de transport.

Nous collectons à Olm aussi des jouets, des vélos, des lits de bébé avec matelas et literie, des landaus avec literies, poussettes, vêtements d'enfants et des couvertures chaudes. Le tout svp. en propre et bon état. Merci beaucoup pour votre compréhension.



KANNER AN FAMILLENHELLEF A.S.B.L.

Siège social: 7, rue de Kehlen – L-8394 Olm – Tel.: 661 309 320

CCPLLULL LU61 1111 7038 8755 0000

RCS: F10515



SAMMELPLAZEN - LIEUX DE COLLECTE

Kehlen: Marthe Biver – 23, Schaarfeneck Tel. 621 290 104

Keispelt: Odile Kisch – 43, rue de Kehlen Tel. 621 318 379

Nospelt: Georgette Reichling – 7, rue d'Olm Tel. 30 02 18

Olm-Village: M.-Jeanne Hilgert – 7, rue de Kehlen Tel. 661 30 93 20

Olm-Cité: Josée Scheller 10, rue Général Patton Tel. 621 178 359



Blëtz a.s.b.l.

Lëtzebuenger Associatioun
fir Betroffener vun engem
Hiereschlag

Scannen Sie den QR-Code, um Mitglied zu werden / Scannez le code QR pour devenir membre



QR-Code scannen, um uns mit einer Spende zu unterstützen / Scannez le code QR pour nous soutenir par un don

All Dag krëie 4 Leit e Schlag zu Lëtzebuerg - ☎ 112 - Zäit = Gehier

F

Face = Gesicht

Bitten Sie den Patienten zu lächeln. Ist das Lächeln asymmetrisch?



A

Arms = Arme

Bitten Sie den Patienten, beide Arme zu heben. Sinkt ein Arm nach unten?



S

Speech = Sprache

Bitten Sie den Patienten einen einfachen Satz zu wiederholen z.B. der Himmel ist blau. Ist die Sprache verwaschen oder komisch?



T

Time = Zeit

Erkennen Sie eines dieser Symptome: umgehend 112 wählen!



112

Wichtige Informationen für den Rettungsdienst:

- Genaue Uhrzeit des Beginns der Symptome
- Vorerkrankungen und aktuelle Medikation

Zwischenzeitlich:

- Achten auf freie Atemwege!
- Dem Betroffenen nichts zu essen oder zu trinken geben!



ZEIT = GEHIRN

Chaque jour 4 personnes ont un AVC au Luxembourg - ☎ 112 - Temps = Cerveau

F

Face = visage

Demandez au patient de sourire. Le sourire est-il asymétrique ?



A

Arms = bras

Demandez-lui de lever les deux bras. Un des deux bras tombe ?



S

Speech = parole


Faites-le parler ou répéter une phrase simple p.ex. le ciel est bleu. A-t-il du mal à parler ou à articuler ?



T

Time = temps

Si le patient présente un de ces signes, appelez immédiatement le 112 !!!



TEMPS = CERVEAU

Informations importantes pour les secours :

112

- Heure exacte du début des symptômes
- Antécédents médicaux et traitement actuel

Entretemps :

- Dégagez les voies respiratoires !
- Evitez toute alimentation solide ou liquide !

DE BLANNSCHLÉCHER

Text **Anne Dossing** Foto **Administration de la nature et des forêts**

Ganz anders als der Name vermuten lässt, ist die Blindschleiche alles andere als Blind. Die Schleiche, die der Familie der Eidechsen angehört, lässt sich im Frühjahr des Öfteren in der morgendlichen Sonne blicken, wenn sie sich in lichten Laubwäldern die ersten warmen Sonnenstrahlen auf ihre Schuppen scheinen lässt.

Die „Blannschlécher“ kommen nach und nach aus ihren Winterquartieren hervor, welche sie meist, aus überlebenswichtigen Gründen, zu mehreren ihrer Art gleichzeitig besetzen. Im März lockt sie der Hunger nach Regenwürmern und Schnecken wieder heraus.

Man muss etwas Glück haben, um die Eidechsen zu Gesicht zu bekommen, denn die meiste Zeit leben sie unterhalb der Erde. Wenn sie doch mal die Erdoberfläche aufsuchen, dann halten sie sich in Waldrändern, Hecken, Gärten und Lichtungen auf.

Genauso wie die Eidechsen kann die Blindschleiche ihr Schwanzende bei Bedrohung oder Gefahr abwerfen. Ist dies jedoch einmal passiert, so kann der Schwanz nicht mehr nachwachsen und das Körperende verheilt zu einem Stumpf ab.



Blindschleiche in einem Laubmischwald - Forstrevier Kehlen

Blindschleichen im heimischen Garten

Die harmlosen Lebewesen, die weder giftig noch störend sind, erfreuen sich über jeglichen Unterschlupf und sicheren Rückzugsort. Somit kann jeder in seinem Garten etwas Gutes tun.

Steinhaufen oder eine Trockenmauer, welche eine wichtige Wärmequelle darstellen, lassen sich ohne größeren Aufwand in den Garten integrieren. Hecken, Totholzhaufen sowie ausgeprägte Krautschichten bieten Schutz und

locken Kleintiere an die gerne als Nahrung genutzt werden. Diese kleinen Biotope bieten nicht nur einen Lebensraum für Blindschleichen, sondern auch für eine Vielzahl an weiteren Tierarten.



Administration
de la nature et des forêts

LIEWENSQUALITÄIT AM NATURNOE GAART!



MÄI GAART VU GËSCHTER

DEIER



D'Gestaltung, d'Planzen, d'Material an den Ënnerhalt am formale Gaart sinn opwänneg a soumat oft zimmlech deier.

GROUSSEN ZÄITOPWAND



All Spontanvegetatioun muss ewechgemaach ginn, well se feel op der Plaz wierkt a sech mat de kloer strukturéierte Formen a Linne bäisst.

INTENSIV FLEEG



Den Asaz vu Pestiziden ass quasi onëmgänglech, fir dat uerdentlecht Erscheinungsbild an de kënschtlech wirkenden Zoustand net ze stéieren.

DOUDEG



Exotesch Zierplanzen oder Steen- a Wueswüste bidden eenheemesche Planzen an Déiere wéineg Liewensraum a Fudderquellen.

NATURFERN



Hei gétt géint amplaz mat der Natur geschafft, sou datt weder de Mënsch, nach d'Déieren a Planzen dovunner profitéieren.

ONANGENEEM



Eng doudeg a latzeg Ëmgegend bitt engem kaum en optesche Reiz a verréngert d'Openthaltsqualitéit.

MÄI GAART VU MUER

GËNSCHTEG



No enger éischer Investitioun fir d'Uleeën (z.B. Bau vun enger Dréchemauer) muss een nëmme nach wéineg Geld an de Gaart investéieren.

GERÉNGEN ZÄITOPWAND



Wëll Gehölzer sinn zum Beispill méi liicht ze fleege wéi Schnëtthecken. Mat just e puer Handgrëffer am spéiden Hierscht oder Fréijoer ass den Entretien gemaach.

EINFACH FLEEG



D'Natur einfach Natur si loossen! Nützlingen hale Schiedlingen a Schach an och e Wëllkraut (oft pollen- an nektar-spendend Bléieplanz) däerf hei wuessen.

LIEWEG



Ënnerschiddlech Liewensraim bidden der heemescher Déieren- a Planzewelt Plaz fir ze liewen, Nahrung ze sichen a sech fortzeplanzen.

NATURSCHUTZ



Duerch Reewaassernotzung oder déi richteg Planzewiel zum Beispill gi Waasserressource geschount, d'Loft-qualitéit erhéicht an d'Natur geschützt.

ANGENEEM



D'Diversitéit u Formen, Faarwen a Liewewiesen steigert d'Ästheetik an d'Loscht, Zäit am Gaart ze verbréngen.

MOIEN!

MIR SINN D'JUGENDHAUS
VUN DER GEMENG
KIELEN! (JUKI)

Fotoen an Text: JUKI asbl


OPSICHEND JUGENDAARBECHT VUM JUKI KIELEN AN OLLEM

ZILER VUN EISER OPSICHENDER JUGENDAARBECHT:

- D'Jugendlecher aus der Gemeng Kielen motivéieren, fir de Juki ze besichen
- D'Siichtbarkeet vum Jugendhaus erweideren
- Den öffentlechen an digitale Raum an deenen sech de Jonke beweegt als Ressource nutzen
- D'Visitten unhand vun der opsichender Jugendarbecht a béide Jugendhaiser erhéijen
- D'Angeboter vun de Jugendhaiser upassen un eng erweidert Clientèle

Sozialpedagogesch Betreuung och bei Jonken erméiglechen, déi nach net d'Jugendhaus am Alldag besichen.

Um Ënn vum Joer 2022 huet d'Team vum Juki gemeinsam entscheet, dass et och hei an der Gemeng Kielen Zäit gëtt mat der opsichender Jugendarbecht unzufänken. Doduerch, dass mir scho säit Joren eng verstärkt digital Präsenz weisen an dëst an eiser aldeeglecher Aarbecht nutzen, fir de Jonken eis pädagogesch Angeboter mei nozebréngen, ware mir online am Virfeld gutt opgestallt. Esou kënnt et, dass de Juki online Informatiounen iwwert d'Aktivitéiten an d'Angeboter vum Jugendhaus och an den digitale Räum verbreet an deenen sech déi Jonk vill beweegen. Dëst gëtt vum Juki als Ressource genotzt, fir de Jonken ze errechen.





Am ëffentleche Raum fënnt een dat pädagogesch Team vum Juki säit 2023 andeems mir een „Tuer duerch Duerf“ maachen, kuerz „TDD“. D’Team huet dofir Pläng an der Gemeng erstellt, wou ee ville Jonke begéint. Een Erzéier léisst sech an der Gemeng doduerch erkennen, dass en ee Kleeungsstéck vum Juki unhuet.

Am Ufank vum Joer 2024 gouf et ee Wiessel am pädagogeschen Team, sou dass och während dësem Joer vill néi Iddie wäerten optauchen, fir d’opsichend Jugendarbecht ze erweideren.

De Juki ass och op diversen Eventer präsent fir d’Visibilitéit vu béide Jugendhaiser ze verstärken: On Stéitsch Festival, Née Mataarbechter Dag, National Porte ouverte vun de Jugendhaiser zu Lëtzebuerg, Emaischen, BeActive Woch vum SNJ, Kanner- & Jugendfloumaart zu Keespelt, Chrëschtmaart zu Kielen, etc.

An Zukunft wäerten do sécherlech weider Eventer bäikommen, wou d’Team vum Juki vertrauede wäert sinn.



DË - FR: 14:00 - 20:00 | SA: AKTIVITÉIT | INFO@JUKI.LU



ËFFNUNGZÄITEN
JUKI KIELEN

LIBERATIONSTROOSS
L-8283 KEHLEN

T. 621 247 335

ËFFNUNGZÄITEN
JUKI OLLEM

RUE DE L’INDÉPENDANCE
L-8327 OLM

T. 621 247 424

MIR SINN DËNSCHDES AN
DONNESCHDES VU 14-15 AUER
ONLINE OP FB, INSTA A CO.

ALL DËNSCHDEN AN DONNESCHDEN VUN
18 BIS 19 AUER MAACHE MIR ZESUMMEN
EN TUER DUERCH D’DUERF.



LES ÉVÉNEMENTS DANS VOTRE COMMUNE

07-08/2024

JOUR	SUJET	LIEU	ORGANISATEUR
JE/DO 4.7	De Bicherbus ass an der Gemeng (T13)	Kielen Busarrêt Primärschoul	Bibliothèque Nationale
VE/FR 5.7	Generalversammlung	Nouspelt	Fitness Club Nospelt
SA/SA 6.7	De Bicherbus ass an der Gemeng (T5)	Capellen Cité Hueseknäppchen	Bibliothèque Nationale
DI/SO 7.7	Concert - Apéro	Musekshal Keespelt-Meespelt (35, rue Pierre Dupong)	Musek Keespelt-Meespelt
DI/SO 7.7	Run for Fun*	Kielen Virun der Sportshal	Gemeng Kielen
MA/DË 9.7	Auditions de fin d'année 2023-2024	Kehlen - Museksschoul (rue de Nospelt)	Gemeng Kielen & Musekschoul / UGDA
SA/SA 13.7	Schoulfest	Kielen Schoulcampus	Eltrecomité Kielen an Zesammen- aarbecht mam Léierpersonal
SA/SA 13.7	Hämmelsmarsch zu Kielen	Kielen	Fanfare Kehlen
JE/DO 25.7	SuperDrecksKëscht® Mobile Sammlung - Collecte mobile	Keespelt Vis-à-vis vun der Musekshal Keespelt-Meespelt	SuperDrecksKëscht®
JE/DO 25.7	De Bicherbus ass an der Gemeng (T13)	Kielen Busarrêt Primärschoul	Bibliothèque Nationale
VE/FR 26.7	After work-Walk	Kielen - Brennereimuseum (13, rue d'Olm)	Country Tramps Keispelt
SA/SA 27.7	De Bicherbus ass an der Gemeng (T5)	Capellen Cité Hueseknäppchen	Bibliothèque Nationale
VE/FR 27.7 - SA/SA 10.8	Camp international	Kielen	Georges Kayser Altertumsfuerscher
DI/SO 11.8	Traktertreffen	Musekshal Keespelt- Meespelt (35, rue Pierre Dupong)	KREA
JE/DO 15.8	Léiffrawëschdag	Kielen (13, rue d'Olm)	Frënn vum Brennereimuseum
DI/SO 1.9	Mirabelle-Fest	Kielen (13, rue d'Olm)	Frënn vum Brennereimuseum
DI/SO 1.9	Christophorus-Seenung zu Kielen	Kielen	Par Mamerdall Saint-Christophe an Trekkerfrënn Nouspelt

* Run for Fun également aux dates suivantes: 17.07, 21.07



Scannt mech a fannt all d'Eventer
déi an der Gemeng organiséiert ginn.

NUETSEIL



FIR JONK & AL - BUS-TRANSPORT AN D'STAD AN ZRÉCK

VENDREDI & SAMEDI SOIR - FREITAG & SAMSTAG NACHT - FRIDAY & SATURDAY NIGHT

VIA : KEISPELT - MEISPELT - DONDEL - KEHLEN - NOSPELT - OLM - KOPSTAL - BRIDEL

VILLAGE	ARRÊT	DÉPART		
Keispelt	Bei Péickes / Spelleneck	23 : 51	02 : 36	04 : 36
Meispelt	Kuesselt / Bei Mëllech	23 : 54	02 : 34	04 : 34
Meispelt	Kräizwee	23 : 56	02 : 33	04 : 33
Kehlen	Katterwang	00 : 00	02 : 28	04 : 28
Dondel	Garage	00 : 08	02 : 24	04 : 24
Kehlen	Scharfeneck	00 : 12	02 : 20	04 : 20
Nospelt	Pompjeesbau	00 : 12	02 : 16	04 : 16
Nospelt	Beim Gliesener	00 : 13	02 : 15	04 : 15
Olm	Bei der Kierch / Kräizwee	00 : 18	02 : 04	04 : 04
Kehlen	Ënneschte Buer	00 : 26	01 : 57	03 : 57
Kehlen	Bei Fiewer / Um Knapp	00 : 27	01 : 55	03 : 55
Brameschhaff	(*sur demande)	*	*	*
Kopstal	→ Op der Bréck ← Kapell	00 : 33	01 : 48	03 : 48
Bridel	Berk	00 : 37	01 : 46	03 : 46
Bridel	Flamo / Taverne	00 : 38	01 : 44	03 : 44
Bridel	Stuff / Schanz	00 : 40	01 : 42	03 : 42
Luxembourg	Amélie	00 : 58	–	–
Luxembourg	Hamilius (quai 2)	–	01 : 27	03 : 27
Luxembourg	Badanstalt (quai 1)	01 : 00	–	–
Luxembourg	Badanstalt (quai 2)	–	01 : 25	03 : 25
Clausen	Clausener Bréck (quai 2)	01 : 03	01 : 22	03 : 22
Kirchberg	Pôle d'échange Luxexpo (quai 1C)	01 : 10	–	–
Kirchberg	Pôle d'échange Luxexpo (quai 1C)	–	01 : 15	03 : 15

1^{ER} RETOUR

2^{ÈME} RETOUR



Transport gratuit offert par :

Transport assuré par :

Attention: Nuetseil est un transport vers la ville de Luxembourg qui constituera tous les vendredis et samedis soir une extension. Les horaires de descente dans les villages pourront toutefois varier! Si le chauffeur n'a pas de client pour certains arrêts il prendra de suite le prochain. Par conséquent les horaires pourront changer en cours de route.



GEMENGEROT

VUM 15. MÄERZ 2024

Present: de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere, Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Bonifas Larry (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohlen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

Entschëllegt: /

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour, mat Ausnam vun de Punkte 4, 5.1. a 19 goufen eestëmmeg ugeholl.

KOMMUNIKATIOUNEN

D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP) informéiert datt op der Konferenz vum CNFL (Conseil national des femmes du Luxembourg) matgedeelt gouf, dat d'Gemenge kënne Subside kréie wann hier öffentlech Gebaier accessibel fir Rollstill sinn. Wann d'Gemeng d'Gebaier renovéiert a nei baut sollen d'Servicer vun der Gemeng dat mat berücksichtegen.

Den Här Guy Kohlen (CSV) informéiert datt d'Gemeng Leideleng wëll Member vum SICA ginn. D'Berechnung vum finanzielle Volet vun dësem Bäitritt, dee vun all de Gemengeréit déi Member am SICA si muss approvéiert ginn, ass amgaang. De SICA huet eng Entrevue mam Ëmweltminister gefrot wéinst dem Subsid vum neie Recyclingszenter. D'SNHBM (Société Nationale des Habitations à Bon Marché) huet dem Office social matgedeelt dat d'Wunnengen net méi mat enger Kichen equipéiert gi, well dës relativ séier mussen ersat ginn.

D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP) invitéiert de Gemengerot de 26 Abrëll 2024 op Keespelt à d'Hall Mukeme fir den Optrëtt vum Här David Goldrake.

D'Madamm Natacha Koch (CSV) deelt mat datt am VeWa (Hall Vestiaires et Wagonnage) zu Diddeleng iwwert déi nei Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewe geschwat gouf. Si huet do gefrot wéi zu Diddeleng deen neie grouse Wunnprojet mam Rescht vun den Dierfer verbonne gëtt. Hei gouf et keng kloer Äntwert well Diddeleng dee Problem net kennt. Bei hinne sinn d'Sproochecoursen an de „Café des langues“ gutt besicht.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) informéiert dat d'„Maison pour tous“ soll am Fréijoer 2025 opgoen.

Den Nationalfeierdag gëtt dëst d'Joer um Virowend gefeiert well déi groussherzoglech Koppel d'Awunner vun der Gemeng Kielen

den 22 Juni 2024 besiche kënnt. D'Veräiner ginn ugeschriwwen fir dass déi sech am Kader vun dësem Event kënne virstellen. Den Empfang ass virun der Musekschoul mat engem Tour duerch de Schoulhaff wou Aktivitéiten ugebuede ginn. Eng Visite vum CIPA ass och virgesinn.

1. Gemengereglement fir d'Locatioun an d'Notzung vun de mobille Spullmaschinnen

Spullweenchen a Spullwon, vun der Remork mat Frigo an der mobiller Buvette „PEKI“

De Schäfferot vun der Gemeng Kielen proposéiert d'Konditiounen fir d'Notzung an d'Locatioun vum Spullweenchen, PEKI an der Remork mat Frigo unzepassen a fir all dës Gefierer an engem Reglement ze regroupéieren. Deemno hält de Gemengerot d'Reglement fir d'Locatioun an d'Notzung vun de mobille Spullmaschinnen, Spullweenchen a Spullwon, vun der Remork mat Frigo an der mobiller Buvette „PEKI“ fest.

2. Taxereglement fir d'Locatioun vun der Remork mat Frigo – Annulatioun

Beim éischte Punkt vun dëser Sëtzung huet de Gemengerot en neit Reglement fir de Spullweenchen, de Spullwon, d'Remork mat Frigo an de PEKI festgehale. Dozou kënnt, dass beim 3. Punkt vun dëser Sëtzung iwwert en neit Taxereglement fir de Spullweenchen, de Spullwon an d'Remork mat Frigo oofgestëmmt gëtt. Deemno ass et vill méi simpel a sënnavoll fir déi alldéeglech Gestiouen vun eise Gefierer, déi a Locatioun gesat ginn, all zesammen an een Taxereglement ze regroupéieren. Also annulléiert de Gemengerot d'Taxereglement vum 13 Dezember 2019 bezüglech der Locatioun vun der Remork mat Frigo.

3. Taxereglement fir d'Locatioun an d'Notzung vun de mobille Spullmaschinnen Spullweenchen a Spullwon, vun der Remork mat Frigo an der mobiller Buvette „PEKI“

An deem Kontext, proposéiert de Schäfferot vun der Gemeng Kielen Taxe fir d'Locatioun an d'Notzung vum Spullweenchen, d'Remork mam Frigo a PEKI ze modifizéieren esou wéi eng Taxe fir de neie Spullwon anzeféieren an dës Taxen dann all an engem Reglement ze regroupéieren. Dermadder fixéiert de Gemengerot Taxen déi d'Gemeng dierf erhiewen am Kader vun der Locatioun an der Notzung vun dëse Gefierer.

4. Internt Reglement iwwert d'Prozedur fir d'Kanner an déi verschidde Schouklasse ze verdeelen

Dat internt Reglement iwwert d'Prozedur fir d'Kanner an déi verschidde Schouklasse ze verdeelen gouf den 19 Februar 2024 vun der Schoulkommissioun aviséiert.

Am Cycle 1, 2, 3 a 4 ginn et nei Konditiounen well d'Gemeng sech op d'Schoul Elmen präparéiert, well d'Rentrée am September 2025 virgesinn ass. Elmen gëtt eng Quartierschoul an d'Klasse solle beschtméiglech equilibriert sinn. De Service Enseignement stellt pro Cycle zwou Gruppen op: e Grupp mat de Kanner vun Ollem an e Grupp mat de Kanner vun deenen anere Lokalitéiten aus der Gemeng Kielen. Falls den Equiliber net garantéiert ass, decidéiert de Schäfferot op Basis vun dësen 2 Gruppe wéi eng Kanner wiesselen, dëst a Concertatioun mat den Eltere vun de betraffene Kanner. Bei engem Desequiliber vun de Klasse bestëmmt de Schäfferot wéi vill Kanner vun enger op déi aner Lëscht wiesselen solle wat fir Nouspelt an Ollem gëllt an dëst wéinst der Proximitéit an der Organisatioun vum Schoultransport. D'Familljesituatioun gi berücksichtegt an d'Eltere gi kontaktéiert fir d'Schoul ze wiesselen. Eng Verlosung ka gemaach ginn a Presenz vun engem Elterevertrieeder a vun engem Member vum Schoul-

comité. Bei munche Fäll gëtt ee gewëssenen Desequilibrium akzeptéiert. Fir d'Opstelle vun dësem Reglement ass sech vill Zeit geholl ginn, an der Gemeng hir absolut Prioritéit ass d'Wuel vun de Kanner.

5. Naturpakt

5.1. Ernennung vun engem „Naturpaktschäffen“

A senger Sëtzung vum 17. Dezember 2021, huet de Gemengerot de Kontrakt „Pacte Nature 1.0“, deen tëschent dem Staat, representéiert duerch d'Madamm Carole Dieschbourg, Ëmweltministesch, an der Gemeng Kielen, representéiert duerch hire Schäfferot, ënnerschriwwen gouf, approvüiert. D'Annex II vun dësem Kontrakt gesäit vir dass d'Gemeng sech engagéiert fir engem vun de Membere vum Schäfferot de Suivi vun der Ëmsetzung vum Naturpakt unzevertrauen. Deemno, gëllt d'Ernennung vun engem „Naturpaktschäffen“ als Virbedéngung fir kënnen beim Audit uegoholl ze ginn. Doropshi proposéiert de Schäfferot den Här Marc Bissen (LSAP) a senger Funktioun vum „Naturpaktschäffen“ ze bestätegen. An deem Kontext ernennt de Gemengerot den Här Marc Bissen (LSAP) als „Naturpaktschäffen“.

5.2. Ernennung vun de Membere vum Aarbechtsgrupp „Naturpakt – Team“

No der Deliberatioun vum Gemengerot vum 15. Juli 2022 betreffend der Grënnung an der Zesummesetzung vun engem „Naturpakt-Team“ an entspreichend dem Artikel 2 vum Kontrakt „Pacte Nature 1.0“, ass d'Gemeng gefuerdert en „Naturpakt-Team“ opzestellen dat, nodeems eng Bestandsopnam gemaach gouf vun der ursprénglecher Situatioun wat d'Protektioun vun de natierleche Ressourcen ubelaangt, ënnert der Leedung vun engem „Naturpakt-Beroder“, en Aarbechtsprogramm ausschafft. Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot d'Membere vum „Naturpakt-Team“ dat sech da follgendermoossen zesummesetzt:

Member vum Schäfferot	Marc Bissen
Gemengebeamten	Dan Muno
Fierschter vun der ANF fir den Territoire vun der Gemeng Kielen	Daniel Steichen
Member vum der Gaardenekipp	Manuel Kauffmann
Member vun der Ëmweltkommissioun	Cheryl Binck-Geschwind
Bauer	Philippe Matge
Bauer	Franky Peller
Member vum Gaart an Heem Kielen – Ollem	Marc Maas

Member vum Gaart an Heem Keespelt - Meespelt	Guy Scholtes
Naturpakt - Beroder	Fernand Klopp
Employé vum SICONA (Naturpakt)	Maryse Leiner

5.3. Net betonéiert Flächen an de neie Wunnzonen (PAP) vun der Gemeng Kielen am Kader vum Naturpakt

D'groussherzoglecht Reglement vum 30. Juli 2021 ëmfaasst e Katalog mat Mesuren am Kader vum Naturpakt an zwar och de Punkt 2.13 betreffend der Erhaltung an de Förderung vun de net versigelte respektiv net ofgedichte Flächen am stätteschem Milieu. Et ass wichteg ze erwänen dass d'Gemeng sech an dësem Volet vum Naturpakt wëll investéieren, ouni natierlech d'Wichtigkeet vun deenen aneren Aspekter, déi dëse Katalog virgesäit, ze vergiessen. Deemno decidéiert de Gemengerot e gewëssene Pourcentage vun net versigelten, respektiv deelweis versigelte Flächen, an deenen Zone wou Leit circuléieren an Autoe kënnen geparkt ginn, innerhalb vun deenen neie Wunnquartieren (PAP), z'imposéieren.

5.4. Strategie fir de Schutz vun der Natur an dem Waasser vun der Gemeng Kielen, konform zum Punkt 1.1 aus dem Mesurékatalog vum Naturpakt

An senger Sëtzung vum 16. Dezember 2022 huet de Gemengerot Strategie fir den Ëmweltschutz am Kader vum Naturpakt gutt geheescht. Den Ëmweltministère respektiv eise „Naturpakt-Beroder“ huet d'Gemeng driwwer informéiert, dass d'Gemeng beim Punkt 1.2.3. „Vorstellung der Gemeinde“ vum Mesurékatalog hätte misste méi Informatiounen uginn. Doropshi gouf dës Dokument vervollstännegt, andeems d'Gemeng Kielen besser virgestallt gouf. Deemno stëmmt de Gemengerot op en Neits iwwert d'Strategie fir de Schutz vun der Natur an dem Waasser vun der Gemeng Kielen of.

6. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

6 dréngend Verkéiersreglementer déi de Gemengerot confirméiere soll gi presentéiert: an der „rue Napoléon 1er“ zu Ollem ginn Aarbechten um Reseau ausgefuert tëschent dem 22. Februar 2024 an dem 15. März 2024; ab dem 11. März 2024 bis zum Ofschloss vun den Aarbechte ginn an der Industriezon zu Kielen vun der Post Kabele verluecht; an der „rue Brameschhof“ bis bei d'Haus N°12 vun der „rue des Champs“ zu Kielen gi vum 04. März 2024 bis de 04. Abrëll 2024 Gaine verluecht; vum 11. März 2024 bis den

12. Abrëll 2024 ginn, an der Gassel zu Kielen Glasfaserleitung geuecht vun der Post; an der „rue de Nospelt“ zu Kielen gi vum 11. März 2024 bis den 12. Abrëll 2024 vun der Post Glasfaserleitung geuecht; dat selwecht fir d'„rue d'Ollem“ zu Kielen, och vum 11. März 2024 bis den 12. Abrëll 2024.

7. Modifikatioun vum Verkéiersreglement an der Gemeng Kielen

Den technesche Service proposéiert eng Rei Modifikatiounen vun eisem Verkéiersreglement:

- D'Afféiere vun „Treffpunkten“ a Zone wou et verbueden ass ze parken;
- E Parkverbuet op der Säit vun de Haiser mat gerueden Hausnummern an der „rue du Moulin“ zu Dondel;
- Parkplaz fir Motorrieder an der „rue de Meispelt“ zu Keespelt;
- Ab der Rousestrooss bis bei de Kiem zu Ollem gëtt en obligatoresche Wee fir Vëlofuerer a Foussgänger, Parkplazen a Parking, déi kënnen bis zu 48 Stonnen genotzt ginn, an eng Wunnzon amenagéiert;
- D'Opstellung vun engem Dräieck jee weils op der Kräizung tëschent dem Bierkewee a der Groussgaass an op der Kräizung tëschent dem Bongert a der Groussgaass zu Ollem;
- D'Afféiere vun engem obligatoresche Vëloswee a Foussgängerwee tëschent dem Eechewee an der Rousestrooss zu Ollem;
- D'Opstellung vun engem Dräieck op der Kräizung tëschent dem Fussewee an der Groussgaass zu Ollem esou wéi d'Amenagement vun engem Parking a Parkplaz bis zu 48 Stonnen an eng Wunnzon;
- D'Afféiere vun engem obligatoresche Vëloswee a Foussgängerwee um Wee tëschent Op der Gewan a Beim Park zu Ollem, esou wéi d'Opstellung vun engem Dräieck op der Kräizung mat der Schoulstrooss;
- D'Afféiere vun engem obligatoresche Vëloswee a Foussgängerwee an der Groussgaass zu Ollem esou wéi e Foussgängeriwergank, e Parkverbuet, en Halteverbuet, 5 Busarrëten, eng Zon 30 tëschent dem CR103 an der Rousestrooss, en Treffpunkt an eng Zon an der et verbueden ass ze parken;
- Am Huesepad zu Ollem gëtt d'Stationéieren an d'Parke bis 48 Stonnen geregelt an et entsteet eng Wunnzon;
- D'Opstellung vun engem Dräieck um Käschtewee zu Ollem an zwar op der Kräizung mat der Groussgaass an d'Afféiere vun engem geregelt Stationéieren a Parke bis 48 Stonnen an der Wunnzon;
- D'Afféiere vun engem obligatoresche Vëloswee an engem Foussgängerwee um Kiem zu Ollem;

- Um Kiischtewee, an der Lannegaass a um Prommewee zu Ollem gëtt en Dräieck op der Kräizung mat der Groussgaass opgestallt, d'Stationéieren a Parke bis 48 Stonnen an eng Wunnzon ginn agefouert;
- Fir de Kuebewee zu Ollem ass och en obligatoresche Foussgängerwee a Vëloswee geplangt, sou wéi e gereegelt Parke bis 48 Stonnen an eng Wunnzon;
- An der Schoulstrooss zu Ollem gëtt e Foussgängeriwergank, e Stoppschëld, eng Zon 30 bis den Eechewee amenagéiert, ab do gëtt bis Um Kiem eng Wunnzon esou wéi eng Zon an der et verbueden ass ze parken amenagéiert;
- D'Amenagéiere vun enger Wunnzon an der Schoulstrooss an an der Spatzegaas. An der Spatzegaas gëtt och en Dräieck opgestallt an d'Parke bis zu 48 Stonne gëtt gereegelt;
- Zum Schluss dann d'Weidegaass, hei gëllt lo d'Parke bis zu 48 Stonnen an et entsteet eng Wunnzon.

8. Nationalfeierdag 2023 – Don

De Schäfferot proposéiert den Don vun der Editioun 2023, an Héicht vun 2.500 Euro, op Propositioun vun der Kulturkommissioun, der Fondatioun Wonschstär vu Walfer ze accordéieren. Deemno approvéiert de Gemengerot dësen Don.

9. Lëtzebuurger Landesverband fir Beienzuucht - Don

Unhand vun hirem Bréif vum 9 Januar 2024, freet de Lëtzebuurger Landesverband fir Beienzuucht, am Kader vun hirem 92. Kongress vun den däitsche Beienzüchter, en Don vu 50 Euro pro Beienzüchter oder de Betrag deen d'Gemeng wëll ginn, un. Doropshi proposéiert de Schäfferot 50 Euro ze spenden. Deemno decidéiert de Gemengerot 50 Euro un de Lëtzebuurger Landesverband fir Beienzuucht ze spenden.

10. Croix Rouge Sektoun Kielen – Don

Unhand vu sengem Bréif vum 26 Februar 2024, freet den Här Edouard Kandel dass de Montant vum Arrangement, dat hien normalerweis am Kader vu sengem 85 Gebuertsdag geschenkt kritt hätt, un d'Sektoun Kielen vum Roude Kräiz gespent gëtt. Doropshi proposéiert de Schäfferot dësem Wonsch nozekommen an deemno 80 Euro un d'Rout Kräiz ze spenden. De Gemengerot wëllt dës Propos an.

11. UGDA – Concert National Youth Orchestra Luxembourg – Subsid

An hirem Schreiwes vum 23 Februar 2024, freet d'ASBL UGDA, am Kader vun hirer Tournée „National Youth Wind Orchestra

Luxembourg (NYWOL)“, e Subsid a Form vun engem Baitrëtt am „Comité d'honneur“ an Héicht vu 25 Euro, a Form vun engem Baitrëtt am „Comité de Patronage“ an Héicht vu 50 Euro oder „Protecteur du NYWOL“ wat 100 Euro entsprécht, un. Doropshi proposéiert de Schäfferot der UGDA 50 Euro ze spenden. Deemno approvéiert de Gemengerot dës Subsid an Héicht vu 50 Euro.

12. Nationalfeierdag 2024 – Visitt vun der groussherzoglecher Koppel – zousätzleche Kredit

D'groussherzoglecher Koppel huet bekannt ginn dass si d'Awunner vun der Gemeng Kielen de Viowend vun Nationalfeierdag besiche kënn an zwar den 22 Juni 2024. Den Oflaf vun dëser Visitt, déi 2 Stonne wäert daueren, muss grëndlech a genaust geplangt ginn, laut engem definéierter Plang. Bei dësem Event ginn d'Bierger an déi lokal Associatiounen mat agebonnen. Den Accueil vun der groussherzoglecher Koppel wäert um Schoulcampus Prince Guillaume zu Kielen stattfannen. D'Logistik, d'Parkplazen, de Transport déi mussen organiséiert gi wäerten héich Käschte mat sech bréngen an et sinn och vill Participanten erwaart. Deemno stëmmt de Gemengerot en zousätzleche Kredit vun 100.000 Euro.

13. Deponéiere vun de Statuten – Vlaamse Club A.s.b.l

D'ASBL „Vlaamse Club a.s.b.l.“ déi den 30 Januar 2024 am „Registre de Commerce et des Sociétés“ immatriculéiert gouf an hire Sätz zu Kielen huet, huet hir Statuten den 01 Februar 2024 am Sekretariat vun der Gemeng Kielen deponéiert. Iwwert dës Punkt stëmmt de Gemengerot net of, den Depot vun dësen Statute gëtt zur Kenntnis geholl. Hir Objektiv definéiert dës Associatioun follgendermoossen:

- de constituer un point de rencontre pour les Flamands et néerlandophones qui résident au Grand-Duché de Luxembourg ou dans les régions limitrophes
- d'établir des contacts avec tous les néerlandophones, ou toute autre personne qui s'intéresse à la langue néerlandaise, à la culture flamande ou la Flandre
- d'organiser des activités sociales, culturelles, de mise en réseau, récréatives et sportives ainsi que de toute autre activité qui favorise le contact avec la Flandre, sa population et sa vie culturelle
- d'organiser des activités sociales, culturelles, de mise en réseau, récréatives et sportives ainsi que de toute autre activité qui favorise le contact avec le Luxembourg, les régions limitrophes, sa population et sa vie culturel-

le sans négliger pour autant une ouverture et le rayonnement vers d'autres cultures

- d'organiser ses activités mentionnées au-dessus en partenariat avec des autres associations au Luxembourg, les régions limitrophes ou en Flandre
- d'établir une communication par des moyens divers avec la communauté flamande et les néerlandophones qui résident au Grand-Duché de Luxembourg ou dans les régions limitrophes
- de développer et maintenir des contacts avec les autorités luxembourgeoises et belges

14. Spezielle Busservice „Nightrider“

14.1. Kontrakt fir de Service vum Nuetstransport „Night Card“

Den neie Kontrakt bezüglech der Prestatioun un engem Nuetstransport „Night Card“, deen den 21 Februar 2024 tëscht de Gemeng, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Societéit S.L.A. mat Sätz zu L-4910 Bascharage an der ZAE Robert Steichen a vertrueden duerch hiren Direkter, dem Här Sam Sales ënnerschriwwen gouf, fixéiert d'Konditiounen an d'Modalitéiten bezüglech dem Abonnement „Night Card“ tëscht der Gemeng Kielen an der Societéit S.L.A. am Kader vun der Zurverfügungstellung vum Service „Nightrider“ fir d'Bierger vun der Gemeng an dës zu engem méi gënschtegem Tarif.

14.2. Taxe betreffend d'„Night Card“ am Kader vum spezielle Busservice „Nightrider“ - Modifikatioun

Opgrond vu sengem Deliberatioun vun der haiteger Sëtzung bezüglech der Approbatioun vum neie Kontrakt fir d'Prestatioun vum Nuetstransport „Night Card“ a well d'Gemeng en Deel vun de Käschte vun der d'Organisatioun vum Service „Nightrider“ dréit, hält de Gemengerot d'Reglement bezüglech d'Afféieren an d'Benotze vum Service „Nightrider“ an der Gemeng Kielen fest, d'Festleeë vun de Präisser fir d'Benotze vum dësem Service mat abegraff.

15. Kommissiounen

15.1. Ëmwelt- an Energiekommissioun – Demissioun vun engem Member

Unhand vu sengem Bréif vum 01 Februar 2024, huet de Här Joël Becker seng Demissioun als Member vun der Ëmwelt- an Energiekommissioun agereecht. De Gemengerot approvéiert dës Demissioun an d'Kommissioun setzt sech deemno aus deene folgenden 12 Memberen zesummen:

N°	Nom & Prénom		Localité	Fonction
1	BREDEN Guy	CSV	Kehlen	Président
2	BINCK-GESCHWIND Cheryl	CSV	Kehlen	membre
3	BIVER Alain	CSV	Kehlen	membre
4	vacant	LSAP		Secrétaire
5	BLEI Joël	LSAP	Kehlen	membre
6	FRANTZEN Maryse	DP	Olm	membre
7	SCHMITZ Jean-Claude	Déi Gréng	Olm	membre
8	LANNERS Marc	neutre	Keispelt	membre
9	PICARD Marc	neutre	Kehlen	membre
10	SCHLEISER Franz	neutre	Kehlen	membre
11	PELLER Franky	neutre	Keispelt	membre
12	SCHAULS Roger	neutre	Keispelt	membre
13	SCHROEDER Claude	neutre	Kehlen	membre

15.2. Ëmwelt- an Energiekommissioun – Demissioun vum Sekretär

Unhand vu sengem Bréif vum 01 Februar 2024, huet den Här Joël Becker och seng Demissioun als Sekretär vun der Ëmwelt- an Energiekommissioun agereecht. De Gemengerot approvüiert dës Demissioun.

15.3. Jugendkommissioun – Demissioun vun engem Member

